


5. Dezember 2020 / 40

Wäert Jugendleeder, Jugendleederinnen, Stellvertrieder, wäert Kollegen,

Gläich ass Chrëschtdag a de Jugendausschoss wënscht Iech alleguerten déi mat eise Jugendleche schaffen alles Guddes an e gudden Rutsch an d'Joer 2021.

Merci och un alleguerten déi Leit, déi fir Jugendpompjeeën, dh fir eis Jugendleeder mat hirem Staff a d'Jugendlech, geschafft hunn, dh. CIS'en, Pompjeesfederatioun mat hire Regioun, SNJ, CGDIS.

Merci un déi sëllege Leit vum CGDIS – DG mat hiren ZONEN, DCO-DPV, DMS-MEDICO, DAF-RH, DML-CL an INFS. Merci fir déi vill, konstruktiv Gespréicher.

**MERCI FIR DËST ENGAGEMENT!**

2020 war speziell, vill vun eisen Ausgaben hunn misste gestoppt ginn a dëst am Sënn vun der Gesondheet.



Rezent ass och nachmol eng Note (20201127_NDS_DCO_Aktivitéite Jugendpompjeeën) eraus gaangen, wou "Guidelines" nachmol an Erënnerung geruff goufen.

Hei ass et een Zesummespill tëschent Jugendleeder mat sengem Staff, dem Chef CIS, dënn och mat der Duerchféierung averstane muss sinn, a natierlech de Jugendlechen. Jidderee muss sech un d'Allgemeng Richtlinnen halen.

**Merci am Numm vum JFA!**

# Alles Guddes fir 2021

## INFO’EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

**Wichtegen Message säitens DPV:**


Nodeems am September, an deene véier Zonë Versammlungen a Presenz vum INFS, JFA am DPV organiséiert goufen, fir déi Responsabel vun den «unités jeunes pompiers» op den neiste Stand vun deene rezenten Neierungen ze bréngen an e ganz konstruktiven Echange stattfonnt huet, gouf decidéiert e Visuell ze erstelle fir déi eenzel Etappen an der Carrière vun engem Jugendpompjee bildlech duerzestellen.

Nieft interessanten Aktivitéiten a Teambuilding ginn um Wee vum Jugendpompjee zum operationelle Pompjee am CGDIS nämlech och eng Rei Echeancen déi een net verpasse soll fir dat de jonke Pompjee no senger flotter a léierräicher Zäit bei der Jugend och prett soll si fir kënnen als operationelle Pompjee am CGDIS un de Formatiounen, Permanencen an Asätz deelzehuelen.

Dëse Visuell ass och um Site 112.lu ënner «Publications» disponibel.

https://112.public.lu/fr/publications/depliants/VumJugenpompjeeZumOperationellePompjee.html

Bei weidere Froe kënnt Dir Iech gär mam Departement vun de fräiwëllege Pompjeeë Verbindung setzen (49771-2332 / **volontariat@cgdis.lu**)



CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Direction générale

Luxembourg, le 27 novembre 2020

À l'attention de :
Chefs de zone
Chefs de centre
Chefs d'unité jeunes pompiers

Référence : 20201127_NDS_DCO_Aktivitéite Jugendpompjeeën
Affaire suivie par : Jean-Jacques Schroeder



**Objet : Guidelines – Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën**

Nodeems «Direction générale du secteur de la jeunesse» vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, den 29. Oktober 2020 nei Consignë verëffentlecht huet an och déi néi Mesuren vun der Regierung weiderhin Aktivitéiten mat Jonken erlaaben, wëlle mir Iech mat dëser Nott op den neiste Stand brénge wat d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeë betrëfft.

D'Nott vum 25. Juni 2020 mat der Referenz *«20200624_NDS_DCO_Reprise JP»* mam Objet : *«Reprise des activités pour les unités des jeunes pompiers»* gëtt duerch des hei virleiend nei Recommandatioune komplett ersat an Dir braucht Iech just nach op dëst virleiend Dokument ze referéieren.

**Aféierung**

Et ass wichteg, datt mir eis Jugendpompjeeën, an dëser och fir si kompliźéierter an ongewinnter Zäit, net vernoléissegen an hinne weider d'Méiglechkeet ginn, hirer Passioun «Pompjee» nozekommen. Virun allem déi Jonk vu 14-15 Joer, déi zäitno bei déi «Grouss» eropwiessele wäerten, musse weiderhin op des wichteg Etapp virbereet ginn. Mä och déi méi Kleng sollen d'Loscht un de Pompjeeën net verléieren!

Et ass natierlech och wichteg, datt mir als Rettungsdéngschter weiderhin operationell bleiwen an net duerch d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeë riskéiere Leit a Quarantaine ze hunn oder am schlëmmste Fall souguer unzestiechen.

Desweidere komme bei eis Kanner a Jugendlecher aus méi Schoulen zesummen, sou dat mir och eng grouss Verantwortung hunn, datt kee sech bei eis infizéiert a soumadder dann de Virus eventuell weider a senger Schoul verbreet.

Dës ongewinnt Zäit soll eis awer och d'Méiglechkeet ginn, nei Konzepter auszeprobéieren a kreativ Léisungen ze fannen! Wisou net mol eng theoretesch Übung iwwer «Zoom» oder «Teams» organiséieren, deene Jonke kleng spannend Aufgaben zouschécken déi si doheem eleng oder mat hiren

Corps grand-ducal d'incendie et de secours
1, rue Robert Stümper L-2557 Luxembourg · Tél. +352 497711 2046 · communication@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36
nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

Elteren oder Geschwëster kënne maachen? Och Aktivitéiten, déi ee gemeinsam awer mat Distanz kann ënnerhuelen, wéi ee flotte Geocache dee jidderee muss fannen a léisen oder eng Trëppel- oder Velochallenge wou een all d'Hydranten, respektiv Defibrillatoren, an engem Duerf oder Quartier muss fannen a fotograféiere, kënnen an dëser Zäit interessant sinn!

**Allgemeng Richtlinnen**

Bei allen Aktivitéiten ass d'Droe vun enger Mask obligatoresch, dëst souwuel dobanne wéi dobaussen. Fir d'Jugendleiter/-helfer ass eng chirurgesch Mask obligatoresch, d'Jugendpompjeeë kënnen och een anere Schutz wéi z.B. eng Stoffmask oder ee Buff droen.

Virun all Aktivitéit soll de Jugendleeder deene Jonken d'Gestes barrières an déi allgemeng Verhalensreegele widderhuelen:

- Ofstand hale vun 2 Meter
- Mask droen
- Hänn reegelméisseg wäschen oder desinfizéieren
- An den Ielebou houschten oder néitsen
- Moie soen ouni sech unzepaken
- Reegelméisseg lëften

Jiddereen dee krank ass oder sech krank spiert duerf net un Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën deelhuelen.

De Chef CIS muss iwwert all d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën informéiert ginn an och mat der Duerchféierung averstane sinn.

**Aktivitéiten an Übunge vun de Jugendpompjeeën**

Fir d'Jugendübunge komme folgend speziell Reegelen dobäi:

- D'Jugendpompjeeën an hier Jugendleiter/-helfer sollen a «Kontaktgruppen» vu maximal 30 Léit agedeelt ginn, innerhalb vun deenen d'Aktivitéite stattfannen, an déi sech net matenee mëschen. Am beschte Fall ginn dës Kontaktgruppen esou kléng wéi méiglech gehalen. Dofir sollen dës Gruppen onofhängeg vuneneen üben, zum Beispill zu aneren Zäiten hier Übung ufänken, fir datt se net am CIS openeen treffen.
- Praktesch Aktivitéiten am Grupp si just zu maximal 10 Leit erlaabt. Besser ass et, dës Gruppen nach weider a kleng Ënnergruppe vu 4 Léit ze splécken, fir esou d'Kontakter nach ze verréngeren. Dëse Prinzip ass soumadder änlech wéi bei den Erwuessenen, wou déi praktesch Übunge jo och maximal an enger Sektioun kënne stattfannen. Als Besonneschkeet kënnt bei der Jugend nach de Jugendleiter/-helfer bei d'Sektioun dobäi, fir déi Jonk ze encadréieren.

Corps grand-ducal d'incendie et de secours
1, rue Robert Stümper L-2557 Luxembourg · Tél. +352 497711 2046 · communication@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36

**Beispill:**

Ee CIS huet insgesamt 30 Jugendpompjeeën an 4 Jugendleiter/-helfer. Dës ginn zum Beispill an 2 «Kontaktgruppen» à 15 Jonker plus jeweils 2 Jugendleiter/-helfer agedeelt.

Am Kontaktgrupp 1 sinn den Dag vun der Übung 14 Jonker an 2 Jugendleiter/-helfer präsent: an deem Fall ginn zwou vuneneen getrennten Aktivitéite mat jeeweils manner wéi 10 Léit fir dëse Grupp organiséiert.

Am Kontaktgrupp 2 sinn den Dag vun der Übung just 8 Jonker an 1 Jugendleiter/-helfer präsent: an dësem Fall gëtt eng eenzeg Aktivitéit fir dëse Grupp organiséiert.

- D'Aktivitéite sollen sou vill wéi méiglech **dobaussen** organiséiert ginn. Bei schlechtem Wieder ass et och eng alternativ Optioun, d'Asazgefierer virun d'Dier ze setzen an d'Garage fir d'Aktivitéit ze notzen, déi iwwert déi grouss Paarten och gutt a reegelméisseg gelëft ka ginn.
- Coursen am Sëtzen mat méi wéi 10 Léit an engem Raum, och wann d'Distanz vun 2m theoretesch kann agehale ginn, si wann nëmme méiglech ze vermeiden.
- Ausserhalb vun der Aktivitéit duerf kee Jugendpompjee sech am CIS ophalen.
- Elteren duerfen net an de CIS erakommen.
- Gemeinsam Transporter an engem Déngschtwon sinn net erlaabt.
- Et ass eng Präsenzlëscht ze féieren, wien wéini u wéi engen Aktivitéiten deelgeholl huet.
- Et ass aktuell net erlaabt, zesummen z'iessen oder eng Aktivitéit mat Iwwernuechtung duerchzeféieren. Kuerz Pausen, wou déi Jonk eppes drénken oder schneeke kënnen, solle just innerhalb vum Kontaktgrupp stattfannen an dëst och just a klenge Gruppe vun maximal 4 Leit beieneen. Des Pause sollen och am Sëtzen organiséiert ginn.

**Reunioune vun de Responsabelen**

Des Reunioune sollen no Méiglechkeet virtuell duerchgefouert ginn. Wann dëst net méiglech ass, dann ass den d'Ofstand vun 2m an d'Droe vun enger chirurgescher Mask verflichtend.

De Chef de Corps

Paul Schroeder

Directeur général

Corps grand-ducal d'incendie et de secours
1, rue Robert Stümper L-2557 Luxembourg · Tél. +352 497711 2046 · communication@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach
→ Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

| Dezember | 19.12. | Hesperange (complet) |
|---|---|---|
| | 2021 | |
| Januar | 23.01. | Wasserbillig |
| Februar | 27.02. | Clervaux |
| März | 20.03. | Beckerich |
| April | 17.04. | Itzig |
| Mai | 29.05. | Bascharage |
| Juni | 26.06. | Larochette |
| Juli | 24.07. | Clervaux |
| August | 21.08. | Mamer |
| September | 25.09. | Wasserbillig |
| Dezember | 18.12. | Bascharage |

Info gëtt et hei: https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html

# Generalversammlunge Pompjeesverband a Jugendpompjeeën - Informatiounen

Dëst Joer fuere mir mat der Pompjeesfederatioun ausnamsweis iwwert eng Bréifofstëmmung fir d'Rapporten ofzeseenen, zu dësem Zweck krut dier säitens der FNP virfrankéiert Ëmschléi a Ofstëmmziedelen dobäi.

Dir fannt all d'Rapporten op der Internetsite www.fnsp.lu ënnert (Generalversammlung-2020):

https://www.fnsp.lu/media/downloads/Bericht-Generalversammlung-2019--2.pdf

https://www.fnsp.lu/media/downloads/Rapport-financier-Jugend-AG-2020.pdf

https://www.fnsp.lu/media/downloads/Rapports-Jugend-AG-2020.pdf

https://www.fnsp.lu/media/downloads/20201119_Breif-entlossung-Manuela.pdf

Sollt Dir elo keen Ofstëmmungsziedel vun der Jugend krit hunn, dann sot eis Bescheed a Dir krit nach een geschéckt.

# <u>Kreschtkado aus eisem Shop:</u>

Eisen klenge Buttik wou een eppes fir den Jugendpompjee krit. Wann Dir eppes aus dem Shop braucht oder wëllt → E-mail un Nicolas.Grisius@cgdis.lu schécken! Hei nachmol e pur Idde'en:



**Mutz „Spretzi“ 10 €**



**Rucksack 25 €**



**Handduch 30 €**




Schützt iech a bleift gesond.

Äert Team aus dem Jugendausschoss!



**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**